SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

LÉIEREN A BEWEEGUNG clever move

Clausen, den 28.November 2022

**CLEVER MOVE – beweegten Adventskalenner 2022**

Léift Léierpersonal , léif Responsabel vun de Maison-relaisen,

De Wanter steet virun der Dier. Doduerch hunn d'Kanner net ëmmer d'Méiglechkeet, fir sech vill ze beweegen. Dofir maacht och dir e CLEVER(e) MOVE a gitt op ons Homepage **www.clevermove.lu** .

"Clever Move", dat ass jo Englesch a soll heeschen "schlau ginn duerch a mat Beweegung", net just an der Sportshal oder an der Schwämm, mee och am Schoulgebai, an der Maison Relais, am Gank, an der Annexe, um Schoulwee, doheem an natierlech och am Klassesall.

Ugespéngelt fannt dir de beweegten Adventskalenner 2022, deen dir am Dezember mat ärer Klass oder ärem Grupp Dag fir Dag entdecke kënnt. Print dësen op DIN-A3 aus. All QR-Code leet iech zu enger Beweegungspaus, déi dir ouni vill Opwand an ären Unterrecht abaue kënnt. Oder awer, dir schafft just mat der digitaler Versioun, well all Boule am PDF ass verlinkt. Dir braucht also just mam Cursor driwwer ze goen an drop ze klicken. Nei sinn eis 4 Videoen. Vill Spaass a Freed heibäi!

Wann dir als Schoul u weideren Informatiounen iwwer Clever move oder aner Forme vu Beweegungsfërderung (Bicycool, Mobak, Ballschoul Lëtzebuerg) interesséiert sidd, da mellt iech w.e.g. Mir beroden iech gär!

Fir all déi Schoulen, déi eng Beweegungskëscht, e Praxisband "Ballschoul Lëtzebuerg" oder e Ballkuerf bestelle wëllen, gitt op Heydoo.lu kucken oder frot bei eis no.

SCAN ME

Mat sportleche Gréiss

**Karel Achten**
Coordinateur-Beweegungsfërderung (EF)
Tél. : (+352) 247-66433 (Mëttwoch – Freideg)
E-mail : carlo.achten@men.lu www.script.lu

clever move
LÉIEREN A BEWEEGUNG

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

